N°4189
Entrée le 30.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 4189 vum 3. Juni 2026 vun der honorabeler Deputéierte Madamm Nancy Arendt.

- Huet d'Madame Ministesch Kenntnis vun dëser Etüd?

- Wéi interpretéiert d'Madame Ministesch hir Conclusiounen?

- Gesäit d'Madame Ministesch vir, d'Bevëlkerung iwwer d'Risikofacteure fir Hautkriibs ze sensibiliséieren?

- Gesäit d'Madame Ministesch vir, d'Bevëlkerung iwwer d'Risike vu Gesondheetsproblemer am Zesummenhang mat Tattooen ze sensibiliséieren?

D'Gesondheetsdirektioun assuréiert eng reegelméisseg wëssenschaftlech Iwwerwaachung vu Gesondheetstheemen, besonnesch am Beräich vun de Risikofacteuren an de Preventiounsmoossnamen. An dësem Kader ginn déi relevant wëssenschaftlech Publikatioune vun de concernéierte Servicer suivéiert. An der schweedescher Etüd, déi 2025 am *"European Journal of Epidemiology"* publizéiert gouf, observéieren d'Auteuren en Zesummenhang tëscht der Präsenz vun Tätowéierungen an engem erhéichte Risiko fir Melanomen am Verglach zu Persounen ouni Tätowéierung, nodeems verschidde bekannt Risikofacteure berücksichtegt goufen. D'Resultater vun dëser Etüd baséieren net op engem wëssenschaftleche Konsens. Sou kënnt en Artikel, deen d'Resultater vun dëser Etüd analyséiert an dee rezent an demselwechte Fachjournal publizéiert gouf, zum Schluss, datt et aktuell keng robust Beweiser gëtt, déi et erlaben, en Zesummenhang tëscht Tätowéierungen an dem Optriede vun engem kutane Melanom nozeweisen[1]. Et sinn deementspriechend weider Fuerschungsaarbechten noutwenneg, fir déi potenziell laangfristeg Auswierkunge vun Tätowéierungen op d'Gesondheet ze evaluéieren.

Aktuell ginn duerfir Tätowéierungen net als etabléierte Risikofacteur fir Hautkriibs ugesinn[2]. Zu de bekannte Risikofacteure gehéieren notamment d'Expositioun géintiwwer Sonneliicht a kënschtlecher Ultraviolettstralung, perséinlech oder familiär Virbelaaschtunge mat Hautkriibs souwéi verschidden individuell Charakteristiken. D'Gesondheetsdirektioun ass a Kontakt mat den Dermatologen a schafft un enger Sensibiliséierungscampagne zur Thematik Hautkriibs. Informatiounen zum Depistage sinn disponibel op https://santesecu.public.lu/fr/espace-citoyen/departement-sante/maladies/cancer-peau-depistage.html.

Doriwwer eraus schafft de Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet, an Zesummenaarbecht mat der Gesondheetsdirektioun, u Sensibiliséierungsaktiounen iwwert d'Gesondheetsrisiken am Zesummenhang mat Tattooen.

Lëtzebuerg, den 30. Juni 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez

[1] Kluger, N. No robust evidence supporting an association between tattoos and de-novo cutaneous melanoma. *Eur J Epidemiol* (2026).
[2] Melanoma Skin Cancer Risk Factors | Melanoma Risk Factors | American Cancer Society